N°3562
Entrée le 30.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.02.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 30. Januar 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir d'Egalitéit an d'Diversitéit an un den Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden:

„Ee Joer no der parlamentarescher Debatt iwwert d'Petitiounen am Zesummenhang mat den LGBTIQ+-Thematiken an der Schoul ass de 27. Januar 2026 an enger gemeinsamer Sëtzung vun der Famillje- an der Educatiounskommissioun e neit Konzept fir méi inklusiv sanitär Infrastrukturen a Vestiairë presentéiert ginn.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Ministesch fir d'Egalitéit an d'Diversitéit an dem Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend follgend Froe stellen:

- Wéi ass dëst neit Konzept konkret ausgeschafft ginn, a wéi eng Acteuren oder Fachinstanze waren an dëse Prozess agebonnen?
- Ass virgesinn, dës nei inklusiv Infrastrukturen an allen ëffentleche Schoulgebaier ëmzesetzen? Wann jo, wéi gesäit de konkreten Zäitplang fir dës Ëmsetzung aus?
- Ass et no dësem Konzept virgesinn, dass et an de Schoulen nëmmen nach gemeinsam Toilettë fir Schülerinnen a Schüler gëtt?
- Trëfft et zou, dass et och am Beräich vun de Vestiairen an Zukunft nëmmen nach gemeinsam an net méi getrennten Infrastrukture soll ginn?
- Wéi soll am Kader vun dëse neie Konzepter garantéiert ginn, dass d'Privatsphär an d'Intimitéit vun de Schülerinnen a Schüler zu all Moment respektéiert a geschützt bleift?“

Mat déiwem Respekt,

Barbara AGOSTINO
Deputéiert

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu